


NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

5/2008

Virwuert

## Léiw Frënn vum Comité Alstad,



Schons ass erëm e Joer vergaang. Déi 181. Éimaischen an onser Alstad steet virun der Dier, an dofir wëlle mer Iech mat onsen Alstad news 5 iwwert déi kommend Akitivitéiten informéieren. Eng flott Ausstellung mat schwaarz - wäiss Fotoën iwwert a vun der Alstad weise mir Iech vum 19. Mäerz bis den 6. Abrëll am Konschthaus Beim Engel.

Fir déi dësjähreg Éimaischen proposéire mir Iech de 7. Bas-relief, de Kueder Hinz, aus der Serie "De Fuuss am Frack an a Mansgréisst". An och dëst Joer proposéire mir Iech en neie Péckvillche vum Comité Alstad.

Desweideren ass de 4. Aulebäckermaart an der aler Stad um Programm. A wéi der wësst, si mir mat enger Filmproduktioun iwwert d'Méchelskierch amgaang, déi am leschten Drëttel vum Joer an de Verkaf kënnt. Fir d'Joeresenn hu mir e Chrëschtconcert geplangt an d'Editioun vun engem Tableau mat enger schéiner Vue op d'Alstad, vum Fresez.

Mä erlabt mer, Iech och schons ze verroden, datt mer an deene kommende Joeren e puer grouss Projetën an Ugrëff geholl hunn, vun deenen ech wëll nëmmen een hei kuerz ernimmen, an dat ass de Messias vum G.F. Haendel op lëtzebuergesch.

Vun dëser Plaz aus, all onse Membren a Frënn a Sponsoren vum Comité Alstad, schéin Ouschteren, a bis geschwënn, vläicht schon op der Fëschmaarter Éimaischen.

Jean-Mathias GOERENS

President

## OPRUFF

Mir sinn derbäi fir e Fotoarchiv opzebauen, a mir wiere ganz frou, wa mir dobäi kéinten op Är Mathëllef zielen.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun onser Alstad. Dat kënnen Architekturfotoë sinn oder vu kulturelle Manifestatiounen, natierlech och vun der Éimaischen. Et kënnen och Fotoë si vu sportlechen Evenementer (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn) oder Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hieren Activitéiten. Och si mir natierlech intresséiert u Fotoë vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher (Prëssessiounen, Kommioun asw.) oder Fotoë vu Persounen, déi z.B. um Fëschmaart gelieft hunn. Je, mir sichen all Zort vu Fotoën, déi mam Fëschmaart an onser Alstad ze dinn hunn.

Wann Dir sollt esou Fotoën hunn, wiere mir ganz frou, wann Dir ons déi géift zur Verfügung stellen, fir datt mir dovu kënnen eng Copie machen. Et versteet sech vum selwen, datt Är Originaler mat der gréisst méiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt Dir se onbeschiedegt zréck kritt.

Wann Dir ons hëllefe kënnt, oder wann Dir weider Informatioune braucht, da rufft ons einfach un, um **Telefon 46 61 88.**

Vun dëser Plaz elo schons e ganz grousse MERCI fir Är Mathëllef an Är Ënnerstëtzung.




Internet:

www.comitealstad.lu

Sëtz: 1 Logegaass um Fëschmaart
Postadress:
Postkëscht 1325 • L-1945 Lëtzebuerg
Telefon: 46 61 88 • Fax: 40 97 50
E-mail: comite.alstad@pt.lu
Internet: www.comitealstad.lu

# RONDERËM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD (5)

ZESUMMENGESTALLT
VUM CLAUDE ESCH
D'FOTOËN SI VUM SERGE DI PAOLI

En Haus, dat ons Opmierksamkeet verdéngt, ass d'Haus N° 5, dat fréiert Zonfthaus vun de Kréimer an Händler (haut géife mer vläicht soen „de Sëtz vun de Geschäftsleit"). 1818 huet de Buergermeeschter Franz Scheffen an de Greffier J. B. Gellé am Numm vun der Lëtzebuerger Freimaurerloge d'Haus fir 3600 Gulden gesteet. An deene leschte Joere goufen d'Haiser an der Logegaass mat vill Aarbecht a mat groussem finanziellen Opwand restauréiert. - Mee erlaabt mer heizou eng perséinlech Bemierkung: „Eng Renovatioun vun esou engem alen Deel vun onser Alstad besteet net nëmmen doran,datt een zech Restaurantën a Bistroën dohinner prafft, wouvun der an de leschte Joere schon eng ganz Abberzuel hu misse Faillite erklären. Oder geet et nëmmen drëm, fir décke Loyer anzezéien? An en aneren Aspekt ass dee vun der Sécherheet a verschiddene Bistroën. Déi léisst a mengen Aen ze wënschen iwwreg. A wa mer schon derbäi sinn, et gi verschidden Terrasse virun de Bistroën, déi missten ewech kommen, si huelen de Cachet vum Haus. Hei sinn och vläicht déi Verantwortlech vun der Commission des Monuments et Sites Nationaux gefuerdert. Propriétairen an Architekten an och ons Gemengepäpp hätte vläicht sollen d'Käpp zesummestrecken an iwwerleeën, op een net besser gehat hätt, e puer Bistroën a Restaurantën ewech ze loossen, an duerfir Wunnraum a Geschäftsraum ze schafen. Zu enger Reanimatioun vun esou engem ale Quartier gehéiert och Liewen an den Haiser, Leit déi an der Alstad hir Akeef maache kommen a Kanner, déi op der Strooss spillen. Meng Generatioun konnt dat glécklecherweis nach. – Mee elo genuch kritiséiert. Loosse mer weider trëppelen op onsem klenge Spazéierwee duerch d'Alstad.

Aus der Logegaass eraus sti mir elo um „Rouscht". Fréier wor dat eng enk Gaass, déi an engem Bou vun der Waassergaass an d'Fleeschiergaass gefouert huet. Den N. van Werveke mengt, dës Strooss hätt am Mëttelalter „Bendergasse" geheescht, benannt no der Kéiferfamill Bender, déi hei gewunnt huet. 1461 gëtt an engem Dokument en Haus ernimmt: ..an der Bendergaass, net wäit ewech vum Nikloskierfecht (dat heitegt Chambersgebai). E Kierfecht, dee vun do aus bis hei op de Rouscht gong. Vläicht kënnt den Numm och hier vu „Gitterrost", en eisent Gelänner mat enger eiserner Puert, dat de Kierfecht ëmzéngt huet. Och dësen Nikloskierfecht ass um Plang vum Deventer ze gesinn. 1821 stongen um Rouscht 12 Haiser, déi vun 154 Leit bewunnt woren. 1890 woren et nach 5 Haiser mat 48 Persounen. 1937 goufe weider Haiser um Rouscht ofgerappt. An haut wunnt keng aarme Séil méi do. A wa mer schon hei um Rouscht sinn,



wëlle mer ons och gläich d'Récksäit vum groussherzogleche Palais ukucken. Uewe riets erkenne mer zwee Helmer mam Wahlsproch vum Hary VII a vum Jang de Blannen.

An elo gi mer weider duerch d'Waassergaass. Ons Historiker wëssen haut mat Bestëmmtheet, datt den Numm absolut näischt mat Waasser ze dinn huet. Ursprénglech wor et „d'Wastlergaass". Am aldäitschen ass Wastel ee „Kuch", a Wastler ass ee „Kuchebäcker". Virum 18. Joerhonnert heescht d'Strooss offiziell „Rue de l'Eau" oder op gutt lëtzebuergesch Waassergaass. Am ënneschten Deel vun der Waassergaass stong d'Haus N° 9, haut ass et d'Terrass vum Café Art-Scène. Am Haff vun dësem Haus stong niewent engem ale Buer eng Statu vum hellegen Nepomuk, am Volleksmond och „Bommenzinnes" genannt. Et ass méiglech, datt dës Statu aus der fréierer Nikloskierch kënnt. Vum Buer erzielt d'So, e wär ni ausgedréchent. Op jiddefall gouf e bis 1866 benotzt. Ufanks den 90er Joeren gouf dëse Komplex renovéiert. An am Kulturjoer 1995 huet eng bekannten Immobiliegesellschaft d'Statu vum hellegen Nepomuk restauréieren an erëm opstelle gelooss. De Comité Alstad stong der Immobiliegesellschaft bei dësem Projet als Beroder zur Säit. Prachtvoll unzekucke sinn och vis-à-vis déi vru Joere restauréiert Haiser.

**Weider op onsem Trëppeltour geet ëtt an den ALSTADNEWS 6**

Weider op onsem Trëppeltour geet ëtt an den ALSTADNEWS 6







QUELL:
DIE ALTSTADT LUXEMBURG, TONY KELLEN, 1939

# Den zweete **Péckvillchen** vum Comité Alstad



Nom groussen Erfolleg vun onsem éischte Péckvillchen op der Éimaischen 2007, kënnt dëst Joer den zweete Péckvillchen vum Comité Alstad eraus. Den Entworf vum Péckvillchen,an de Faarwe vun onsem Logo, orange a blo, staamt aus der Hand vun onsem Member Serge Di Paoli. Grad wéi de Péckvillchen 2007 ass och dee vun dësem Joer an der Keramikfabrik vun Esch-Uelzecht, vun autistesche Matmënschen, ënnert der Leedung vum Peter Stein, realiséiert ginn. Och dëst Joer ass et nëmmen eng begrenzten Oplo vun 300 Stéck (mat signéiertem Zertifikat vum Artist). Eppes Neies gëtt et och, de Péckvillche krut de Logo "Made in Luxembourg" zouerkannt.

**De Péckvillchen kann ee vun elo u bis den 18. Mäerz 2008 beim Comité Alstad bestellen, duerch Iwwerweise vu 25€ pro Stéck, op ee vun onse Konten:**

| | |
|---|---|
| **Spuerkeess :** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck :** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| **Fortis Bank :** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |

Wie säi bestallte Péckvillchen net op der Éimaischen kann ofhuelen, kann e siche kommen an d'Galerie „Konschthaus Beim Engel op N°1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 25. Mäerz bis den 1. Mee 2008, all Dag ausser Méindes, vun 10.00 – 12.00 Auer.

Vun dëser Plaz aus, vill Freed mat Äerem Péckvillchen 2008 vum Comité Alstad.



## RENERT ODER DE FUUSS AM FRACK AN A MAANSGRÉISST.

(7. BAS-RELIEF, DE KUEDER HINZ.)

" E schinne
gouden Owend,"
Foung du
de Kueder un,
« a wat Dir wënscht
Här Renert »
Dat wëllt ech,
sollt Dir hun.
(III Gesank)

Viru 7 Joer hat d'Lëtzebuerger Kënschtlerin Yvette Gastauer de Concours gewonn, fir d'Figuren aus dem Michel Rodange sengem Renert z'entwerfen an ze modelléieren. Am ganzen huet d'Yvette Gastauer 9 Figuren entworf.

Joer fir Joer kënnt fir d'Éimaischen eng Figur eraus. Déi éischt Figur, de Fuuss, koum 1982 eraus. Déi Joeren drop wor et du de Bier, de Wollef, de Léif, den Hond, an dat lescht Joer den Hues. Fir dëst Joer proposéire mir lech de Kueder Hinz.

D'Figur vum Kueder Hinz kann ee vun elo un bis den 18. Mäerz 2008 beim Comité Alstad bestellen duerch Iwwerweise vu **40 €** pro Stéck op ee vun onse Konten:

| | |
|---|---|
| **Spuerkeess :** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck :** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| **Fortis Bank :** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |

Wie säi bestallte Kueder Hinz net op der Éimaischen kann ofhuelen, kann e siche kommen an d'Galerie "Konschthaus Beim Engel" op N°1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 25. Mäerz bis den 1. Mee 2008, all Dag ausser Méindes, vun 10:00-12:00 Auer a vun 13:00 – 18:30 Auer.


Och dëse Bas-relief gouf am Atelier vun der Keramikfabrik vun autistesche Matmënsche realiséiert, ënnert der Leedung vum Peter Stein.



De Carlo Didier, Informatiker vu Beruff beim Paul Wurth, huet zwou grouss Leidenschaften: Digitalfotografie an eis Alstad. An deene leschten 12 Méint huet de Carlo eng Abberzuel vu ganz flotte Fotoën vun der Alstad geschoss. Eng grouss Auswiel vun dëse schwaarz- wäisse Fotoë weise mir lech elo am Kader vun enger Ausstellung am Konschthaus Beim Engel, op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart.

**Déi flott Fotosausstellung, mam Titel: „D'ALSTAD – SCHWARZ / WÄIS" besteet aus schwaarz - wäisse Fotoën aus ongewinnte Perspektiven. Si ass op vum 19. Mäerz bis de 6. Abrëll 2008 all Dag ausser Méindes, vun 10:00 bis 12:00 Auer a vun 13:00 bis 19:00 Auer. Ouschterméindeg, den Dag vun der Éimaischen, ass d'Ausstellung zu deene bekannten Zäiten op. – Nëmme net verpassen!**

Enn dës Joers gëtt et dann och e Kalenner fir d'Joer 2009 vum Carlo Didier, mat faarwege Fotoën vun deene schéinsten Ecker vun onser Alstad.



Madame, Mademoiselle, Monsieur,

Chèrs amis de la Vieille Ville et du Comité Alstad,

L'association « Comité Alstad a.s.b.l. » fondée en 1937 par Georges Schmitt, ancien conservateur au Musée National et Lambert Schaus, ancien ministre et ambassadeur, a pour objet :

a) de sauvegarder le cachet historique, urbanistique et culturel de la Vieille Ville

b) d'organiser et de soutenir toutes les manifestations culturelles, folkloriques, artisanales, commerciales, touristiques et sportives qui se dérouleront dans le cadre de la Vieille Ville et plus particulièrement de l'Éimaischen et ceci avec le concours des autorités et groupements intéressés. Cette énumération est indicative et non pas limitative. (Article 3 des statuts)

Pour cette année 2008, notre association réalisera d'importantes et coûteuses manifestations comme par exemple: concerts, 4ième Marché de la Poterie, production d'un film documentaire sur l'église St. Michel etc. A ne pas oublier nos manifestations traditionnelles Éimaischen et l'exposition de photos « D'Alstad – schwaarz a wäiss » au Konschthaus Beim Engel.

Le conseil d'administration vous propose de bien vouloir soutenir les activités du Comité Alstad en restant ou devenant membre d'honneur de notre association.

Ainsi il espère pouvoir compter sur votre bienveillance et votre appui financier à l'égard des nombreuses activités du Comité Alstad. Il vous invite donc à bien vouloir renouveler respectivement acquérir votre carte de membre d'honneur pour l'année en cours.

**Voilà pourquoi il vous prie de bien vouloir verser la somme de 12 €, montant qu'il vous reste d'ailleurs loisible de fixer selon votre propre appréciation, à son compte N° IBAN LU19 0030 7564 6694 0000 auprès de la Fortis Banque Luxembourg ou IBAN LU64 0019 1755 0897 0000 auprès de la Caisse d'Epargne de l'Etat ou bien IBAN LU02 1111 0080 8736 0000, Chèques Postaux., mention « Membre d'honneur 2008 ». Votre carte de membre vous sera envoyée par voie postale.**

Le conseil d'administration vous remercie cordialement de votre appui tant moral que financier par lequel vous permettez au Comité Alstad de promouvoir la vie culturelle dans notre Vieille Ville.

Recevez, Madame, Mademoiselle, Monsieur, chers amis de la Vieille Ville et du Comité Alstad, nos meilleures salutations.

Le conseil d'administration du Comité Alstad a.s.b.l.

Jean-M. Goerens, Président
Guy May , Vice-président
Claude Esch, Secrétaire gén.
Serge Di Paoli, Trésorier
Marc Brimaire, Administrateur